Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 12. Juni 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°2282 vum 5. Mee vum Här André Bauler huet de Finanzminister präziséiert, datt sech, wat d' Zuel vum Personal ugeet, wat an de Steierbüroe schafft, fir dem Bierger weiderhin dëse wichtege Service unzebidden, näischt ännere wäert. Dëst verwonnert dach awer, well et jo esou ass, datt d'Awunnerzuel am Norde vum Land an engem stramme Mooss weider wiisst. Des Weideren präziséiert den Här Minister a senger Äntwert, datt de Bierger zu Clierf a Wolz jee no Besoin weiderhin eng Präsenz wäert ugebuede ginn.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un den Här Minister:

1. Gedenkt d'Regierung op de Wee ze goen, fir d'Steierbüroen am Norde personaltechnesch unzepassen, fir esou dem Bevëlkerungswuesstem gerecht ze ginn?
2. Huet d'Regierung Kenntnis doriwwer, datt mëttel- oder laangfristeg weider Administratiounen am Norde vum Land sollen zougemaach ginn? Wa jo, ëm wéi eng Administratiounen handelt et sech hei?
3. Wéi gedenkt d'Regierung allgemeng virzegoen, fir d'Verwaltungen am Land personaltechnesch esou unzepassen, datt si der steigender Nofro, bedéngt duerch de stramme Bevëlkerungswuesstem, gerecht kënne ginn?
4. Huet den Här Minister den Abléck schonn eng konkret Virstellung, wéi zu Wolz a Clierf de Service um Client, ë.a. am Hibléck op d'Raimlechkeeten, Ëffnungszäiten etc., weiderhin kann ugebuede ginn? Wéi gedenkt den Här Minister an deem Kontext virzegoen, datt de Service um Client net u Qualitéit ofhëlt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten